DEMOKRATESCH
PARTEI

2A, rue des Capucins
L-1313 Luxembourg

Tel. : 22 10 21
Fax : 22 10 13

secretariat@dp.lu
www.dp.lu

Lëtzebuerg, de 17. August 2022

# Engagement vun den DP-Gemengepolitiker: Energie spuere fir manner Ofhängegkeet a méi Klimaschutz

D'DP steet fir eng ambitiéis an nohalteg Klima- an Energiepolitik, och an eise Gemengen.

Déi aktuell Energie-Kris huet d'DP-Gemengepolitiker nach eng Kéier doranner bestäerkt, fir hir lokal Efforten am Sënn vun engem nohaltegen a verantwortungsvollen Energieverbrauch auszebauen.

Déi energetesch Transitioun ass a bleift mëttelfristeg déi beschten Äntwert op d'Energieofhängegkeet. Nieft dem Energiespueren an der besserer Energieeffizienz, soll dofir och d'Potenzial vun den erneierbaren Energië besser a méi séier ausgenotzt ginn.

Aspuere vun Energie an de konsequenten Ausbau vun erneierbaren Energië musse fir d'DP Hand an Hand goen. D'DP-Gemengemandataire hu gëscht op enger Entrevue decidéiert, fir déi aktuell Kris ze notzen, fir manner ofhängeg vu fossiler Energie aus Russland an aus aneren Drëttstaaten ze ginn, a fir de Klimaschutz zu Lëtzebuerg weider auszebauen.

D'Mandataire wëlle mam gudde Beispill virgoen an hu sech engagéiert, fir :

- den Energieverbrauch vun hire Gemenge permanent am A ze behalen an enk ze suivéieren;
- d'Bierger an d'Gemengepersonal an deem Sënn ze sensibiliséieren;
- d'Aspuerpotenzial z'identifizéieren a beschtméiglech auszenotzen;
- déi energetesch Transitioun an hire Gemengen z'acceleréieren.

D'DP versteet dat Engagement als wichtege Bäitrag zum Klimaschutz an zum Erreeche vun eisen ambitiéise Klimaziler.

Demokratesch Partei.